N°2644
Entrée le 19.08.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse commune de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, et de Monsieur le ministre des Affaires intérieures, Léon Gloden, à la question parlementaire n°2644 du 23 juillet 2025 de Monsieur le député Marc Goergen au sujet de bornes de recharge vandalisées**

***„1. Goufen et och schonn esou Fäll zu Lëtzebuerg a falls jo, wéi oft ass dëst an de vergaangene Jore geschitt?"***

Wéi schonn an der Äntwert vum 16. Juli 2025 op d'parlamentaresch Fro n°2373 erkläert gi war, erlaben d'Datebanke vun der Police et net bei Fäll vun Déifstall eng Differenzéierung no geklauten Objeten ze maachen. Et ass deemno net méiglech ze soe wéi vill Déifställ vu Luedkabelen, mat oder ouni Materialschued, et an de vergaangene Jore gouf.

No Récksprooch mam Bedreiwer vun der Luedinfrastruktur "Chargy/SuperChargy" goufen et rezent keng Fäll vu Beschiedegungen un dëse Luedstatiounen.

***„2. Gëtt d'Méiglechkeet vu Vandalismus beim Bau vu Luetstatioune berécksiichtegt a falls jo, wat fir virbeugend Moossnamen ginn heigéint ënnerholl?"***

Et ginn technesch Méiglechkeeten fir Luedstatiounen ze schützen an de Risiko vu Vandalismus ze reduzéieren. Esou e Schutz ass awer net iwwerall a bei all Typ vu Luedstatioun ëmsetzbar.

Wéi bei aneren Installatiounen am ëffentleche Raum gëtt et keen absolutte Schutz géint Vandalismus. Et läit un de Bedreiwer vu Luedstatiounen, déi jeeweileg passend Mesurë géint Vandalismus ëmzesetzen.

Luxembourg, le 18/08/2025

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme

(s.) Lex Delles